Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Justiz & Wunnengsbau weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng Fro n°1971 iwwert d'Versteeë vun Immobilien goung ervir, datt zanter 2019 insgesamt 1.364 Immobilien op ëffentleche Steeën verkaaft goufen.

Am Kader vun forcéierte Venten ass et virgesinn, datt dës Steeën an enger Zeitung veröffentlecht ginn, mat den Informatioune vum Geriichtsuerteel an dem Optrag vum Dierwiechter. Dëst ass wichteg, fir Transparenz ze garantéieren an et all Interesséierten z'erméiglechen, un der Stee deelzehuelen.

Allerdéngs stellt sech d'Fro, ob et wierklech noutwenneg ass, datt an dëse Publikatiounen och d'Nimm vun de betraffene Persounen veröffentlecht ginn. Dës Praxis kann déi betraffe Leit staark belaaschten an zu Spekulatiounen, sozialer Stigmatiséierung an engem Ruffschued féieren. Am Hibléck op Privatsphär, Dateschutz a Proportionalitéitstellt sech d'Fro, ob dës Form vun Transparenz net iwwert dat erausgeet, wat fir d'Duerchféierung vun enger ëffentlecher Stee néideg ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung den Tableau aus der Äntwert op meng Fro n°1971 mat den Zuelen fir d'Joer **2025** ergänzen?
2. Wéi vill Steeën vun Immobilien waren am Kader vun enger Vente forcée?
3. Sinn an dëse Fäll systematesch d'Nimm vun de betraffene Persounen an de Publikatiounen veröffentlecht ginn?
4. Ass et gesetzlech obligatoresch, datt d'Nimm vun de betraffene Persounen an esou Publikatiounen

mussen dra sinn?

5. Wäert d’Regierung op de Wee goen, fir eng anonymiséiert oder reduzéiert Publikatioun méiglech ze maachen, wou d'Nimm vun de Betraffene net publizéiert ginn? Falls nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten